Rapport Commission Jeunes
16.03.2026

Présents : Romain Engels, Suzie Godart, Guy Kruchten, Claude Magar, Marco Schmit, Marco Schmitz

Excusés : Serge Raach, Lex Schroeder, Dan Wiseler

1) Approbatioun Rapports
   De Rapport vum 23.02.2026 gëtt gutt geheescht a kann online gesat ginn.

2) Preparatioun Kader Placken Saison 2026
   D'Kader Placke ginn de Lizenzen no verdeelt an all Kand kritt säi Sticker (Niveau technique) entspriechend dem Resultat vum Technik Ofzeechen am November 2025 op seng Plack gepecht. Déi Kanner wou nach keng Lizenz ugefrot hu fir 2026, kréien hire Sticker beim éischte Start op hir Kader Plack gepecht.
   D'Kader Placke gi vum Delegéierte vun der Kommissioun mat op déi verschidden Epreuve geholl.

3) ënnerschriwwen Trikote Kichechef Trophy
   D'Trikote vum Kichechef Trophy, déi vun de Kanner op der Präisiwwerreechung ënnerschriwwe goufen si fäerdeg agerummt. D'FSCL-Sekretariat kontaktéiert de Sponsor an d'Madame Spautz fir en Datum an eng Plaz fir d'Iwwerreechung ze fannen.

4) Neit Reglement
   De Claude an d'Suzie ginn e kuerze Feedback iwwert d'Reunioun vum 4.3.2026 mat dem Florian Salzinger, dem Camille Dahm an dem Christian Helmig vun der FSCL, wou nach e puer Ännerunge gemaach goufen, déi den CA gefrot hat. De Florian Salzinger huet d'verbessert Reglement no dëser Versammlung un d'Leit vum CA geschéckt, bis zum Datum vun haut si keng Reklamatiounen erakomm. Sollt dat bis de 17.3 esou bleiwen, gëtt déi läscht Versioun un d'Veräiner geschéckt, an ass domat gëlteg.

5) Planning nächst Course den 21.3 am Atertdall
   De Lex Schroeder ass Delegéierten op der Course, de Guy Kruchten ass zousätzlech derbäi fir d'Kader Placken ze verdeelen. (Reserve ass de Romain Engels)
   Well et de Start vun der neier Saison ass an domat déi éischt Epreuve vum Joer, gëtt d'Startlëscht geloust.

6) Minimes/Cadets
   Momentan ass op dem FSCL Site d'Course fir Minimes / Cadets als VTT ausgeschriwwen, si fueren awer am Kader vun de Jeunes, dat muss mat der FSCL gekläert ginn, och wat d'Resultat ubelaangt:
   - zielt et fir de Youth–Cup,
   - zielt et guer net
   - oder gëtt ee Generalklassement Kichechef Trophy fir Minimes / Cadets gemaacht?

   Et ass sécher méi attraktiv fir d'Fuerer, wann et fir ee Generalklassement zielt.

7) Divers
   - Klengt Material fir d'Këscht mat de Kader Placken (méi stabil wieder fest Këscht, Intercaléiers, Alkohol Stëfter, Pëtzzaang, asw) geet de Guy Kruchten akafen a gëtt d'Rechnung un d'Federatioun. Hie këmmert sech och drëm déi néideg Dokumenter an de Classeur ze heften, deen an dëser Këscht derbäi läit.
   - D'Suzie Godart mécht e Mail un d'Organisateure vun den Epreuven Esch 17.5.2026 a Rodange 25.5 fir si an eng vun eise nächste Versammlungen anzelueden:
     - VU Esch, well et eng ganz nei Epreuve ass, wou mir keng Infoen hunn
     - a UC Rodange, well et ee Parcours d'Adresse ass, a par Rapport zu 2025 onbedéngt eng Rei Ännerunge musse gemaacht ginn.
   - De Laurent Hübsch vun der Hirondelle Schëtter ass eventuell drun interesséiert an der Kommissioun matzeschaffen, d'Suzie invitéiert och hien an eng vun eise nächste Sëtzungen.
   - Den Teams mat de Veräiner fir de Klassementsfichier organiséiert de Guy Kruchten zesumme mam Claude Magar, soubal de Fichier feelerfräi leeft.

Nächst Versammlungen sinn : 13.04.2026 an 04.05.2026 um 19.00 Auer um Boy Konen